LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit an dem Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 1899 vum 5. Februar 2025 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

D'Ofschaltung vun den 3G-Mobilnetzer ass an de meeschte Länner vun der Europäescher Unioun amgaang. Bis elo hunn d'Operateuren a Frankräich, Holland an an der Schwäiz hir 2G-Netz desaktivéiert. D'Desaktivéierung vun den existéierende mobilen Netzer ass net reglementéiert a gëtt vu kommerziellen Iwwerleeunge gesteiert. Dat erlaabt den Operateure mam Ausbau vun den neie mobilen Technologien weider ze kommen an den Erwaardunge vun den Notzer gerecht ze ginn, andeems déi am Moment am meeschte gebrauchten Technologien, besonnesch 4G an 5G, verstäerkt ginn. Genee Zuelen iwwert den Equipement vu Lifter oder 2G/3G Telealarm-Geräter sinn net bekannt.

Déi Lëtzebuerger Mobiloperateuren annoncéieren den Iwwergang op déi nei Technologie mat der néideger Préavis-Zäit fir e propperen Iwwergang tëscht den Technologien ze erméiglechen. D'Cliente ginn heibäi op d'Wichtegkeet opmierksam gemaach, d'Funktioune vun hire mobile Modemer ze iwwerpréiwen an Ersatzléisunge virzebereeden. Dës Moossnam erlaabt de Clienten, sech op d'Moderniséierung vun hire Liften an Telealarmer virzebereeden. D'Operateure maache reegelméisseg Sensibiliséierungscampagne fir den Notzer d'Méiglechkeet ze ginn, déi néideg Moossnamen ze huelen. Verschidde SIM-Kaarten (besonnesch eSIM) si scho mat der 4G-Technologie kompatibel an erfuerdere kee Remplacement.

Den Ofschaltungsprozess ass allgemeng progressiv, e puer Mobiloperateuren hunn awer och scho präzis Datumer fixéiert:

Bei der POST ass déi progressiv Ofschaltung vun de mobilen 2G- an 3G-Netzer esou geplangt:

- 3G-Netzer: d'Desaktivéierung ass am Oktober 2022 ofgeschloss ginn.
- 2G-Netzer: et ass geplangt, d'Benotzung vun den 2G-Déngschter bis no 2027 ze verlängeren.

Bei Proximus gouf d'3G-Netz zu Lëtzebuerg am Januar 2024 desaktivéiert. Aktuell gëtt et kee geplangten Datum fir d'Ofschaltung vum 2G-Netz. Zu dësem Zäitpunkt schéngt et awer warscheinlech, datt de Betrib vum 2G Netz bis 2030 weider geet.

Bei Orange huet d'Desaktivéierung vum 3G am Joer 2024 ugefaangen an gëtt progressiv bis Enn 2025 duerchgefouert. Et ass geplangt d'Desaktivéierung vum 2G virum Joer 2030 duerchzeféieren.

Lëtzebuerg, den 5. Mäerz 2025

Déi delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit
(s.) Elisabeth MARGUE